n° 2577

Monsieur Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 23. Juli 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend parlamentaresch Fro** un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Laut Informatioune vum Gesondheetsministère vum 22. Juli ginn et hei am Land aktuell 33 Clusteren: Dovunner 12 a Schoulen oder Lycéeën. Enger rezenter südkoreanescher Etüd no heescht et dann och, datt Jugendlecher awer méi infektiéis sinn, wéi uganks geduecht. D'Fuerscher hu festgestallt, datt d'Kanner vun 0-9 Joer doheem nëmme 5% vun hire Kontakter ugestach hunn. Bei de Jugendleche vun 10-19 Joer louch deen Taux awer méi héich, wéi den Duerchschnëtt, nämlech bei knapp 19%. Si hunn also méi Leit ugestach, wéi déi Erwuessen.

Wëssend, datt elo nei detailléiert Informatioune publizéiert goufen, a wëssend dat haut e weidert Covid19-Gesetz gestëmmt gëtt, an deem di schoulesch Aktivitéite kenge gesetzleche Bestëmmungen ënnerleien, well ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Educatiounsminister stellen:

- Hunn d'Schouldirektioune konkret Richtlinne kritt, fir d'Organisatioun vun der Schoulrentrée respektiv fir ënnerschiddlech Zenarie virzebereeden? Wa jo, wéi eng sinn dat genau? A baséieren dës Richtlinnen op de neien Erkenntnisser?
- Wa nee, wéini kréien d'Schoulen a Lycéeën kloer Richtlinne, fir d'Schoulrentrée 2020/2021 kennen z'organiséieren?
- Gesäit d'Regierung op Grond vun de neien Erkenntnisser eng Adaptatioun vum Covid19-Gesetz fir, wat d'Bestëmmunge fir d'Schoulen/Lycéeën betrëfft?
- Verschidde Lycéeën hate schonn eegestänneg decidéiert, eng Maskeflicht anzeféieren. Gedenkt Regierung d'Maskeflicht an deene Klasse, wou de Sécherheetsofstand net méiglech ass, obligatoresch ze maachen vun der Rentrée un?
- Wa nee, ginn zum Beispill Contingentserhéijunge respektiv méi Klasseneffectifer bei der Planung geneemegt, fir esou zumindest d'Oftstandsreegele do wou et méiglech ass besser kennen ze respektéieren?
- Laut Informatiounen aus der Press, si Membere vun der Task Force „Research Luxemburg" net un der Auswäertung vun den Date bedeelegt? Stëmmt dat? Wa jo, wien wäert dann dës Daten aus?

**Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (23.07.2020)**

Mat déiwem Respekt

Martine Hansen
Deputéiert

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro Nr. 2577 vun der honorabeler Madame Deputéiert Martine Hansen**

D'Schoulrentrée gouf, wéi an de legalen Dispositioune virgesinn, an enker Zesummenaarbecht zwëschen den eenzelne Partner vun der Schoulcommunautéit, dorënner d'Gemengenautoritéiten, d'Schouldirektiounen, d'Elterevertrieder an d'Schoulcomitéen, wärend der zweeter Halschent vum Schouljoer 2019/2020 organiséiert. Heibäi gouf sech notamment op dës besteeënd legal Dispositioune baséiert:

- *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;*
- *Règlement grand-ducal du 14 mai 2009 déterminant les informations relatives à l'organisation scolaire que les communes ou les comités des syndicats scolaires intercommunaux doivent fournir au ministre ayant l'Éducation nationale dans ses attributions ainsi que les modalités de leur transmission;*
- *Règlement grand-ducal modifié du 18 février 2010 déterminant les modalités d'établissement du contingent de leçons attribuées aux communes et aux syndicats scolaires pour assurer l'enseignement fondamental.*

Deemno ass an enger éischter Phas vun der Organisatioun vun der Rentrée alles dru gesat ginn, fir datt fir d'Rentrée 2020/2021 e gereegelte Schoulbetrib kéint stattfannen.

Am Kader vun der Reprise vun de Coursë gouf vum Educatiounsministère an Zesummenaarbecht mam Gesondheetsministère eng kohärent Strategie fir d'Bekämpfe vum COVID-19 ausgeschafft. (c.f. Annexe)

Vu d'Evolutioun vun den Infektiounszuelen, gouf zum Schluss vum Schouljoer vun der Regierung decidéiert, déi lescht Mesurë falen ze loossen. Dëst illustréiert d'Flexibilitéit vun der Strategie, déi sech jee no nationaler oder lokaler Situatioun upasse léisst.

Wei am Artikel 8 vum *Règlement grand-ducal du 18 février 2010 déterminant les modalités d'établissement du contingent de leçons attribuées aux communes et aux syndicats scolaires pour assurer l'enseignement fondamental* steet, hunn d'Gemengenautoritéiten d'Méiglechkeet, zousätzlech Ressourcë par rapport zum Contingent u Schoulstonnen, déi si vum Educatiounsministère attribuéiert kruten, unzefroen. Dëst gëtt de Gemengen och ausserhalb vun der sanitärer Krise am Kontext vum COVID-19 d'Méiglechkeet, op lokal a spezifesch Besoinen a punkto Encadrement vun de Schüler anzegoen. Am Lycée sinn zousätzlech Ressourcen un d'Lycéeën verdeelt ginn, fir aussergewéinlech grouss Klassen no Méiglegkeet ze évitéieren.

Am Kader vun der Rentrée 2020/2021 ass et weiderhi wichteg, datt d'Preventiouns- an d'Hygiènesmesuren, déi spezifesch fir déi eenzel Altersgruppen ausgeschafft goufen an och weiderhin ënnert der Form vun den temporairë sanitäre Recommandatiounen am Kontext vun COVID-19 wäerte vun der Direktioun vun der Santé an Zesummenaarbecht mam Educatiounsministère publizéiert ginn, agehalen ginn, a grad esou wäerten d'Schüler weiderhin fir d'Anhale vun den eenzelne Mesurë sensibiliséiert ginn.

Dofir kréien d'Schoulen och weiderhin dat néidegt Material (z. B.: Désinfectant, ënnerschiddlech Zorte vu Protektioune fir Nues a Mond, Plexiglaspanneauen) zur Verfügung gestallt, fir der Ausbreedung vum Virus entgéintzewierken. Weiderhi ginn och déi néideg Mesuren ergraff, fir déi klasseniwwergräifend sozial Kontakter vun de Membere vun der Schoulcommunautéit esou geréng

wéi méiglech ze halen. D'Fluxen an de Schoulgebaier bleiwen esou organiséiert, datt d'Kanner aus ënnerschiddleche Klassen sech esou wéineg wéi méiglech begéinen. Doriwwer eraus gëllt nach ëmmer eng staark Recommandatioun, fir e Mundschutz ze droen um Wee fir an d'Schoul an och an der Enceinte vun der Schoul bis an de Klassesall: An der Grondschoul brauch de Mondschutz am Ausseberäich net gedroen ze ginn. Am Lycée ass de Mondschutz awer och wärend de Pausen esou wuel dobannen wéi dobaussen obligatoresch. Am Klassesall ass d'Droe vum Mundschutz an der Grondschoul net virgesin. Am Lycée kënnen d'Gebaier an der Autonomie décidéieren, de Mondschutz och wärend de Schoulstonnen ze droen.

An däser dach rezenter sanitärer Kris kann dobäi schonn op déi wäertvoll Erfarungen zeréckgegraff ginn, déi wärend dem Enseignement en alternance an dem Zesummeleeë vun de Klassegruppe konnte gesammelt ginn. Net nëmmen am Ausland ma och hei zu Lëtzebuerg goufen déi eenzel Phasen vum Déconfinement wëssenschaftlech begleed. Den entspriechende Rapport *L'école face à la COVID-19 au Luxembourg** gouf am August 2020 virgestallt.

Anescht wéi nach d'lescht Schouljoer sollen allerdéngs déi lokal Entwécklungen um Niveau vun den eenzelne Schoulen nach méi mat considéréiert ginn, fir esou méi cibléiert Mesuren ze ergräifen. No dësem Prinzip ginn och aktuell nach ënnerschiddlech Szenarien ausgeschafft, déi sech mat Bléck op déi lokal Entwécklung a punkto COVID-19-Infektiounen an den eenzelne Schoulen applizéieren loossen, fir esou der Ausbreedung vum Virus entgéintzewierken. De geneeën Detail vun den eenzelnen Szenarie gouf de 4. September virgestallt an duerno iwwert déi gewinnte Kanäl den eenzelne Partner vun der Schoulcommunautéit matgedeelt.

* https://men.public.lu/fr/publications/statistiques-etudes/themes-transversaux/ecole-covid.html

Annexe: *Dispositif pour la rentrée scolaire 2020-2021 dans le contexte de la crise sanitaire COVID-19*

# Dispositif pour la rentrée scolaire 2020-2021 dans le contexte de la crise sanitaire COVID-19

**Scénarios en fonction de la propagation du virus**

4 septembre 2020

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# I. Scénario de base pour la rentrée 2020-2021

## Deux éléments transversaux:

**Gouvernance**

Mise en place d'un dispositif « *Covid-19 and Education* » afin de superviser la stratégie sanitaire dans le secteur de l'éducation et d'adapter au besoin les différentes mesures mises en place

**Dépistage systématique**

1. Concentration sur les ménages avec enfants scolarisés


2. Selon les situations, *testing* ciblé dans les régions et populations particulièrement affectées par la COVID-19, y inclus les populations scolaires: mise en place d'équipes d'intervention *testing* déployées dans les écoles et lycées

# Mesures pour la rentrée 2020-2021:


| | |
|---|---|
| **1. Activités extrascolaires** | Activités de jour autorisées au niveau de la classe à l'intérieur du pays auprès des prestataires qui disposent d'un concept sanitaire approprié. Port du masque recommandé. |
| **2. Apprentissage à distance** | Dispositif d'apprentissage à distance pour les personnes vulnérables (élèves et enseignants) et pour les classes mises en quarantaine. Matériel didactique mis à disposition sur schouldoheem.lu.<br>Au choix du lycée: organisation du cycle supérieur d'après un modèle d'apprentissage en alternance (p. ex. une semaine sur deux en présentiel). |
| **3. Fonctionnement des classes** | Circulation limitée des élèves au sein de la salle de classe. Attribution à chaque élève d'une place fixe. Décalage des pauses de récréation. |
| **4. Activités sportives** | Reprise des cours d'éducation physique et de natation à la rentrée scolaire. Les activités extérieures sont privilégiées. Port obligatoire du masque (à partir de 6 ans) lorsque les élèves se rendent à la salle de sport ou à la piscine, dans les vestiaires et jusqu'au début des activités. Lavage des mains avant le début et à la fin des cours. Le port du masque n'est pas nécessaire pendant les efforts physiques. |
| **5. Port du masque et distanciation physique** | Port du masque obligatoire sur le chemin de l'école (transport compris) et à l'intérieur du bâtiment scolaire pour les élèves âgés de plus de 6 ans. Port du masque facultatif en classe et dans la cour de récréation pour l'enseignement fondamental. Port du masque obligatoire dans la cour de récréation pour l'enseignement secondaire. Au choix du lycée: port du masque obligatoire dans la salle de classe. |
| **6. Règles sanitaires** | Hygiène des mains renforcée (lavage avant le début des cours, après chaque pause, après avoir été aux toilettes, avant et après chaque repas). Éviter de se toucher (se saluer sans se serrer la main, etc.). |
| **7. Matériel de protection supplémentaire** | Mise à disposition au besoin d'écrans de protection, de masques chirurgicaux, de distributeurs de gel hydroalcoolique, de matériel signalétique. |
| **8. Aération et ventilation** | Aussi longtemps que les conditions météorologiques le permettent, ouverture permanente des fenêtres et portes. Pour les périodes de mauvais temps, aération répétée des salles de classes pendant la journée. Pour les systèmes de ventilation, basculer à 90% d'air frais. Adaptation de la tenue vestimentaire aux températures plus basses dans les salles de classe.<br>Soit maintenir les fenêtres en position basculée ainsi que les portes des salles de classe ouvertes pendant la durée des cours, soit procéder à une ventilation par à-coups (fenêtres grandes ouvertes) pendant les cinq premières ou dernières minutes des cours. Les élèves sont sous surveillance lorsque les fenêtres sont grandes ouvertes. |
| **9. Nettoyage** | Nettoyage régulier des locaux sanitaires et des surfaces fréquemment touchées. |
| **10. Aménagement du bâtiment** | Réduction des contacts entre les membres de la communauté scolaire. Organisation des flux de circulation à l'intérieur du bâtiment. |
| **11. Lieux de rencontre** | Organisation du fonctionnement de la salle des professeurs, des bibliothèques, etc.<br>Alternance des temps de récréation et utilisation maximale des cours de récréation.<br>Réouverture des restaurants scolaires à la rentrée. Port du masque lorsque les élèves se rendent au restaurant scolaire jusqu'au moment où ils sont assis à table. Taille maximale d'un groupe par table :10 personnes. Lavage des mains avant et après le repas. Buffets en libre-service interdits. À l'enseignement secondaire, maintien en parallèle des *Frupstuten*: les élèves peuvent alors prendre leur repas dans leur salle de classe, mais sans dépasser 10 personnes dans la salle. |

| | |
|---|---|
| **12. Contacts entre adultes** | Distanciation physique de 2 mètres ou port du masque obligatoire et généralisé pour les contacts entre adultes (enseignants, parents, personnes externes). |
| **13. Élèves et enseignants montrant des symptômes grippaux** | Les parents, les élèves et les enseignants seront sensibilisés à ne pas fréquenter l'école en cas de maladie. Les élèves et enseignants développant des symptômes évocateurs de la COVID-19 seront immédiatement appelés à quitter l'école et à consulter leur médecin.<br>Doit rester à domicile et ne peut assister aux cours ni fréquenter la structure d'accueil toute personne qui est malade ou qui présente<br>- au moins un des symptômes évocateurs de la COVID-19 suivants: fièvre; toux; difficultés respiratoires; douleur thoracique; perte de goût et/ d'odorat sans cause apparente.<br>**ou**<br>- au moins deux des symptômes aspécifiques suivants: douleurs musculaires; fatigue; rhinite (encombrement ou écoulement nasal); maux de gorge; maux de tête; perte d'appétit; diarrhée aqueuse. |
| **14. Personnes vulnérables** | La vulnérabilité est constatée par le médecin traitant et validée par le médecin du travail pour les professionnels. Un enseignement à distance est organisé pour les élèves vulnérables qui ne peuvent pas suivre les cours en présentiel. |
| **15. Groupes dans les structures d'accueil** | Taille limitée à 30 enfants. |
| **16. Activités** | Le plus de temps possible passé à l'extérieur. |

# Gouvernance « *Covid-19 and Education* »



# Mesures que le Comité de pilotage peut prononcer selon les situations



# II. Trois scénarios en fonction de la situation dans les écoles

## Scénario 1: Cas isolé

Cas isolé dans une école qui peut être attribué à une source d'infection extérieure. L'enfant ou le jeune est identifié à travers une mesure *back-tracing* qui concerne son entourage (p.ex. famille).

- Le scénario de base reste en vigueur.
- Identification des contacts au sein de la population scolaire (*back-tracing*).
- **Port du masque obligatoire** dans la population concernée pendant les cinq jours qui suivent le dernier contact avec la personne positive et pendant la phase du *testing*.
- **Éloignement de la classe** dans la communauté scolaire. Éviter tout échange avec les autres classes.
- *Testing* de la population concernée dans le cadre du dispositif *back-tracing*.
- **Pas de mise en quarantaine.**

## Scénario 2: Plusieurs cas positifs dans une classe

Plusieurs cas positifs sont identifiés dans une classe. Le lieu d'infection est identifiable et extérieur à l'école. L'infection a eu lieu lors d'activités entre amis (p.ex. fêtes ou autres activités récréatives) ou dans la famille.

- Le scénario de base reste en vigueur.
- Identification des contacts au sein de la population scolaire (*back-tracing*).
- **Mise en quarantaine de la classe concernée.**
- Selon la situation, l'enseignant est aussi mis en quarantaine et enseigne à distance ou continue à enseigner avec port d'un masque.
- *Testing* de la population concernée.

## Scénario 3: Chaîne d’infection dans une école

Plusieurs cas positifs peuvent être reliés à une contamination au sein de la communauté scolaire d’une école.

- **Basculement temporaire vers des mesures plus strictes.**
- **Mesures supplémentaires** du dispositif renforcé **prononcées par le Comité de pilotage “Covid-19 and Education”** en fonction de la situation sanitaire.
- Identification des contacts au sein de la population scolaire (*back-tracing*).
- **Mise en quarantaine des classes concernées.**

Merci de votre attention.

Questions/Réponses

Informations sur www.men.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse